piraten.lu

N° 4322
Entrée le 25.06.2026
Chambre des Députés

Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 26.06.2026
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 25/06/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Sozialversécherung, Bildung, Kanner a Jugend & Famill, Solidaritéit an Integratioun weiderzeleeden.**

D'Assurance dépendance gesäit vir, datt eng Persoun, déi reegelméisseg an op d'mannst eemol d'Woch bei Hëllefen a Fleeg matwierkt, ënner bestëmmte Konditiounen als Aidant zeréckbehale ka ginn. Dësen Aidant kann eng Privatpersoun sinn. Grad bei Kanner ass et esou, dass ee vun den Elteren dës Aufgab iwwerhëlt, fir esou dem Kand senge Besoine kënnen nozekommen

Donieft kann d'Assurance dépendance och d'Käschte vun techneschen Hëllefsmëttel iwwerhuelen (Rollstill, medezinesch Better, etc.) déi der betraffener Persoun méi Autonomie erméiglechen sollen oder d'Aarbecht vun de Persounen, déi Hëllef a Fleeg leeschten, erliichteren.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Demandë bei der Assurance dépendance goufen an de leschte 5 Joer fir Mannerjäreger agereecht a wéi vill dovunner goufen accordéiert, respektiv refuséiert?
   Kann d'Regierung dës Zuelen no Altersgrupp (Bébéeën, Klengkanner, Jugendlecher) oplëschten?

2. Wéi vill Demandë fir technesch Hëllefsmëttel goufen an de leschte 5 Joer agereecht a wéi vill dovunner goufe refuséiert?

3. Wéi vill Leit profitéieren aktuell insgesamt vun de béiden Hëllefen a wéi vill dovunner betreffe Mannerjäreger?

4. Wéi setzt sech de Montant vun der Assurance dépendance zesummen, vu wéi enge Facteuren hänkt en of wat ass de maximale Montant, deen Eltere fir d'Fleeg vun engem Kand mat enger

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Beanträchtegung vun der Assurance dépendance kënne kréien?

5. Wéi eng aner staatlech finanziell Hëllefen existéiere fir Familljen, déi sech selwer ëm d'Fleeg vun hire Kanner mat enger Beanträchtegung këmmeren?
   Wéi setzen sech bei dësen Hëllefen de Montant zesummen, vu wéi enge Facteuren hänkt dës Hëllef of wat ass de maximale Montant, deen Eltere fir d'Fleeg vun engem Kand mat enger Beanträchtegung kënne kréien?

6. Wéi vill Kanner a Jonker mat enger Beanträchtegung stinn aktuell op enger Waardelëscht fir eng hir Besoinen ugepasste Betreiungs-, Bildungs- oder Dagesstruktur ausserhalb vum Enseignement fondamental an der Maison Relais, a wéi laang ass d'Waardezäit (Moyenne a Mediane)?

7. Ass den Iwwergang vu volljärege Persoune mat enger Beanträchtegung nom Austrëtt aus dem Schoulsystem an eng Dages-, Betreiungs- oder Beschäftegungsstruktur garantéiert?

8. Wéi gëtt séchergestallt, datt d'Aidanten wärend dësem Iwwergang hir Beruffsaktivitéit an zousätzlech Betreiungs- oder Fleegaufgab ënnert een Hutt kréien?

9. Wéi eng aner staatlech finanziell Hëllefen existéiere fir Familljen, déi sech selwer ëm d'Fleeg vun hire Kanner mat enger Beanträchtegung këmmeren, wann d'Kand volljäreg gëtt?
   Wéi setzen sech bei dësen Hëllefen de Montant zesummen, vu wéi enge Facteuren hänkt dës Hëllef of wat ass de maximale Montant, deen Eltere fir d'Fleeg vun engem Kand mat enger Beanträchtegung kënne kréien?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet, vum Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend a vum Här Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil op d'parlamentaresch Fro n° 4322 vum 25. Juni 2026 vum honorabelen Deputéierten Här Marc Goergen.**

*1. Wéi vill Demandë bei der Assurance dépendance goufen an de leschte 5 Joer fir Mannerjäreger agereecht a wéi vill dovunner goufen accordéiert, respektiv refuséiert? Kann d'Regierung dës Zuelen no Altersgrupp (Bébéeën, Klengkanner, Jugendlecher) opleschten?*

De follgenden Tableau weist d'Zuel vun den éischten Demanden, déi fir Mannerjäreger am Zäitraum vum 1. Januar 2021 bis den 31. Dezember 2025 traitéiert goufen. Reevaluatioune vu bestoende Prises en Charge sinn dobäi net berücksichtegt. Och Demanden, déi net konnten traitéiert ginn, well den Assuré seng Demande zeréckgezunn huet oder verstuerwen ass, sinn net an dësen Zuele mat abegraff.

| Demandë | Alterskategorie | Accord | Refus |
|---|---|---|---|
| Fleegeversécherung | 0 - 1 Joer | 93 | 38 |
| Fleegeversécherung | 2 - 7 Joer | 648 | 42 |
| Fleegeversécherung | 8 - 17 Joer | 302 | 89 |

| Demandë | Alterskategorie | Accord | Refus |
|---|---|---|---|
| Technesch Héllefsmëttel | 0 - 1 Joer | 37 | 2 |
| Technesch Héllefsmëttel | 2 - 7 Joer | 231 | 7 |
| Technesch Héllefsmëttel | 8 - 17 Joer | 323 | 5 |

Demandë fir technesch Héllefsmëttel betreffen ausschliisslech Demanden, déi vum Assuré agereecht goufen. Et ass awer ze präziséieren, dass d'Administratioun fir d'Evaluatioun an d'Kontroll (AEC) am Kader vun all Demande fir d'Fleegeversécherung systematesch och de Besoin u techneschen Héllefsmëttel an/oder enger Adaptatioun vum Logement evaluéiert. Technesch Héllefsmëttel kënnen deemno och accordéiert ginn, ouni dass eng zousätzlech Demande muss agereecht ginn.

Et ass och ze präziséieren, dass en Accord de gesamte festgestallte Besoin ofdeckt. Eng eenzeg Bewëllegung kann deemno méi wéi een technescht Héllefsmëttel ëmfaassen.

*2. Wéi vill Demandë fir technesch Héllefsmëttel goufen an de leschte 5 Joer agereecht a wéi vill dovunner goufe refuséiert?*

De follgenden Tableau ëmfaasst d'Demandë fir technesch Héllefsmëttel, déi vun den Assuréen am Zäitraum vum 1. Januar 2021 bis den 31. Dezember 2025 agereecht goufen.

| Demandë | Accord | Refus |
|---|---|---|
| Technesch Hëllefsmëttel | 3781 | 528 |

*3. Wéi vill Leit profitéieren aktuell insgesamt vun de béiden Hëllefen a wéi vill dovunner betreffe Mannerjäreger?*

Aktuell profitéieren 13.370 Beneficiairë vun deenen zwou Hëllefen. Dovunner sinn 216 Beneficiairë mannerjäreg.

Et gëtt präziséiert, dass eng Rei technesch Hëllefsmëttel an den Etablissementer zur Basisausstattung gehéieren. Déi uginn Zuele betreffen deemno ausschliisslech Beneficiairen, bei deenen dës zwou Leeschtunge vun der Fleegeversécherung iwwerholl ginn.

*4. Wéi setzt sech de Montant vun der Assurance dépendance zesummen, vu wéi enge Facteuren hänkt en of wat ass de maximale Montant, deen Eltere fi r d'Fleeg vun engem Kand mat enger Beanträchtegung vun der Assurance dépendance kënne kréien?*

No der Areechung vun der Demande duerch de Beneficiaire oder säi gesetzleche Vertrieder gëtt de Requis individuell vun der AEC festgeluecht, op Basis vum objektivéierte Besoin un Hëllef vum Kand bei den Aktivitéite vum alldeegleche Liewen.

D'Evaluatioun bezitt sech notamment op d'Kierperhygiène, d'Eliminatioun, d'Ernärung, d'Ukleeden an d'Mobilitéit. Fir e Recht op Prestatiounen opzemaachen, muss de Besoin un Hëllefen a Fleegeleeschtungen an dëse Beräicher de gesetzleche Seuil vun dräi an enger hallwer Stonn pro Woch erreechen an op d'mannst sechs Méint bestoe bleiwen, oder irreversibel sinn.

Fir Kanner am Alter vun 0 bis 8 Joer mat abegraff gi spezifesch Modalitéiten ugewannt. Bei der Evaluatioun ginn net all Hëllefen zeréckbehalen, déi d'Kand brauch, mee nëmmen den zousätzleche Besoin un Assistenz am Verglach mat engem Kand vum selwechten Alter, dat gesond u Kierper a Geescht ass. D'Kompetenze vum Kand ginn iwwer eng Grille zur Berechnung vum Entwécklungsalter evaluéiert. D'Score, déi dobäi erauskommen, erlaben et, fir all Domaine den Ënnerscheed tëscht dem reellen Alter an dem Entwécklungsalter vum Kand festzeleeën, an domat de Volume un zousätzlecher Hëllef ze bestëmmen, deen ze berücksichtegen ass. Iwwer aacht Joer ginn d'Evaluatiounsinstrumenter benotzt, déi och bei Erwuessenen uwennbar sinn.

Wann d'Kand doheem lieft, kann d'Prise en Charge verschidden Aarte vu Prestatioune beinhalten: Saachleeschtungen, déi vun engem professionellen Déngschtleeschter geleescht ginn, a Geldleeschtungen, wann en Aidant, dee vun der AEC unerkannt ass, notamment en Elterendeel, déi Hëllefen a Fleegleeschtungen ganz oder deelweis assuréiert.

De Montant vun de Geldleeschtungen hänkt vum erreechte Seuil of, souwéi vum Grad vun der Interventioun vum Aidant, dee vun der AEC unerkannt ass. D'Synthèse de prise en charge präziséiert d'Natur vun de Prestatiounen, déi accordéiert ginn, souwéi hir Opdeelung tëscht dem Aidant an dem professionelle Prestataire. Dës Opdeelung ass determinéierend fir d'Berechnung vun der Geldleeschtung, well dës vun Unzuel u Minutten u Hëllefen a Fleegeleeschtungen ofhänkt, déi effektiv vum unerkannten Aidant assuréiert ginn.

D'Geldleeschtunge ginn no zéng forfaitairen Wochenmontanten festgeluecht, jee no Volume vun der Héllef, déi vum Aidant assuréiert gëtt (cf. Artikel 350 vum Code vun der sozialer Sécherheet, Annexe A vum modifizéierte groussherzogleche Reglement vum 18. Dezember 1998[1]). Dës Forfaite reeche vun 12,50 Euro pro Woch, wann den Aidant manner wéi 61 Minutten Héllef pro Woch assuréiert, bis zu 262,50 Euro pro Woch, wann den Aidant 541 Minutten oder méi pro Woch assuréiert. D'Montante vun de Geldleeschtungen si forfaitaire a ginn net indexéiert. Et ass ze bemierken dat den Accord de coalition virgesäit dat d'Prise en charge vu Senioren, déi an engem familiären Ëmfeld versuergt ginn, soll weider ënnerstëtzt ginn. D'Servicer vum Ministère fir Gesondheet a sozial Sécherheet sinn aktuell mat enger Analys vun der Thematik befaasst, fir passend Mesuren auszeschaffen (Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°4029 vum 4. Mee 2026).

De maximale Montant vun der Geldleeschtung, deen dem Aidant ausbezuelt ka ginn, läit also aktuell bei 262,50 Euro pro Woch, dat heescht bei ronn 1.137,50 Euro pro Mount am Joresduerchschnëtt.

Zu dësem Montant kann sech, wann d'Konditiounen erfëllt sinn, de Forfait fir Inkontinenzmaterial dobäisetzen, deem säi Montant no de gültege Reegelen indexéiert gëtt.

Donieft kann d'Fleegeversécherung d'Cotisatioune fir d'Pensiounsversécherung vum unerkannten Aidant iwwerhuelen. Dës Interventioun gëtt op Basis vum soziale Mindestloun berechent a kann accordéiert ginn, onofhängeg dovun, ob den Aidant eng beruflech Aktivitéit op Vollzäit oder Deelzäit ausüübt oder net.

*5. Wéi eng aner staatlech finanziell Hëllefen existéiere fir Familljen, déi sech selwer ëm d'Fleeg vun hire Kanner mat enger Beanträchtegung këmmeren? Wéi setzen sech bei dësen Hëllefen de Montant zesummen, vu wéi enge Facteuren hänkt dës Hëllef of wat ass de maximale Montant, deen Eltere fir d'Fleeg vun engem Kand mat enger Beanträchtegung kënne kréien?*

Nieft den Hëllefen an der Fleegeversécherung wéi an der Fro 4 beäntwert, an de Betreiungs-, Bildungs- an Dagesstrukturen, an de weidere Servicer déi vum Familljeministère ugebuede ginn esou wéi an den Äntwerten op d'Froe 6 a 7 beschriwwen, ginn et weider keng staatlech Hëllefen.

*6. Wéi vill Kanner a Jonker mat enger Beanträchtegung stinn aktuell op enger Waardelëscht fir eng hir Besoinen ugepasste Betreiungs-, Bildungs- oder Dagesstruktur ausserhalb vum Enseignement fondamental an der Maison Relais, a wéi laang ass d'Waardezäit (Moyenne a Mediane)?*

Um Familljeministère ginn et aktuell 10 Servicer vu 6 Gestionnairen, déi Kanner a Jonker ënner 18 Joer betreien. An de "Service de Formation" vum Familljeministère, ginn et keng Kanner a Jonker ënner 18 Joer op enger Waardelëscht vu dat d'Schoulpflicht ab der Rentrée 2026/2027 op 18 Joer ugehuewe ginn ass. Bei de Betreiungs- an Dagesstrukture kann sech eng concernéiert Persoun op verschidde Waardelëschte gläichzäiteg an och preventiv schreiwe loossen. Dës Waardelëschte gi vun de Gestionnaire selwer geréiert.

D'Waardezäite bei de "Services de Formation" a bei de Betreiungs- an Dagesstrukturen si ganz variabel. Bei den "Services de Formation" hänkt d'Waardelëscht vum Fonctionnement of. Eng Formatioun dauert am Prinzip 2-3 Joer an nodeems dës ofgeschloss ass, kann eng nei Persoun opgeholl ginn. D'Waardezäite bei de Betreiungs- an Dagesstrukturen hänken u verschidden externe Facteuren op eng nei Persoun kann opgeholl gi, wéi zum Beispill vun engem Déménagement oder engem Stierffall.

[1] Règlement grand-ducal modifié du 18 décembre 1998 fixant les modalités de la détermination de la dépendance, annexe A

*7. Ass den Iwwergang vu volljärege Persoune mat enger Beanträchtegung nom Austrëtt aus dem Schoulsystem an eng Dages-, Betreiungs- oder Beschäftegungsstruktur garantéiert?*

*8. Wéi gëtt séchergestallt, datt d'Aidanten wärend dësem Iwwergang hir Beruffsaktivitéit an zousätzlech Betreiungs- oder Fleegaufgab ënnert een Hutt kréien?*

Fir den Iwwergang vun enger concernéierter Persoun ze ënnerstëtzen, huet de Familljeministère komplementar Servicer en Place gesat fir déi Situatiounen ze begleeden, wei ënner anerem ee Service d'assistance à domicile an ee Service d'information, de consultation et de rencontre. Ob d'Persoun eng Plaz an enger Dages-, Betreiungs- oder Beschäftegungsstruktur kritt, hänkt ënner anerem vum Profil vun der concernéierter Persoun of, a wéi si orientéiert gëtt. Falls de Wëllen dofir besteet an d'Orientatioun och deementspriechend ausfält, kann d'Persoun sech bei de Servicer an de Gestionnaire mellen. Eng Persoun mat enger Behënnerung kann donieft, jee no hire Besoinen, och op den éischten Aarbechtsmaart schaffe goen.

*9. Wéi eng aner staatlech finanziell Hëllefen existéiere fir Familljen, déi sech selwer ëm d'Fleeg vun hire Kanner mat enger Beanträchtegung këmmeren, wann d'Kand volljäreg gëtt? Wéi setzen sech bei dësen Hëllefen de Montant zesummen, vu wéi enge Facteuren hänkt dës Hëllef of wat ass de maximale Montant, deen Eltere fi r d'Fleeg vun engem Kand mat enger Beanträchtegung kënne kréien?*

Wéi an der Äntwert op d'Fro 5 erwäänt, ginn et weider keng aner staatlech Hëllefen.

Lëtzebuerg, den 24. August 2026

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez